

Dat ass eng berechtegt Kritik, där ee misst Rechnung droen, fir allem Arbitraire aus dem Wee ze goen.

An deem Zesummenhang huet och d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics eng Remarque gemaach, an ech lese se vir: «Subsidiairement, la Chambre se doit de demander l'introduction, parallèlement à la centralisation du recrutement - qui ne peut qu'apporter une amélioration par rapport à l'actuel système „à la tête du client“ - de critères neutres et objectifs pour départager les candidats, à l'instar des examens-concours prévus pour les fonctionnaires. En tout cas, ce ne sera pas „l'évaluation psychologique“ prévue à l'article 6 du projet de règlement grand-ducal d'exécution joint au projet de loi qui résoudra le problème du manque d'objectivité et de transparence dans le recrutement des employés de l'État!»

Do schéngt jo dann e Projet de règlement grand-ducal an der Gestatioun, an der Ausaarbecht ze sinn, fir déi Kritäre fir de Recrutement vun de Ressortministernen festzeleeën, an do gi mir vläicht gewuer, wann de Minister eis dat wëllt soen, wat fir eng Kritären dat sinn, wat fir Konditiounen virgeschriwwen ginn, fir de Choix vu Kandidaten fir Employéen ze maachen.

D'Berufschamber vun den öffentlechen Beamten freet sech souguer, au vu vun der Aféierung vum Statut unique am Privatsektor, dee mir gëschter hei verabschied hunn, ob mir net sollten higoen, fir nëmmen méi Fonctionnaires anzestellen.

Dat ass iwwerengs schonn eng laang Forderung an eng permanent Forderung vun de Gewerkschaften aus dem Sektore public, souwuel vun de Statsbeamten-gewerkschaften oder vun de Gemengebeamten.

Et sollt een awer déi Haaptcarriären, déi un d'Souveränitéit touchéieren, exklusiv fir d'Fonctionnaire reservéieren, a fir déi aner Carriären de Choix loossen, fir Fonctionnaires oder Employés de l'État anzestellen. Oft muss nämlech schnell op e Besoin an e spezifesch Poste reagéiert ginn, an dann ass d'Prozedur vun der Astellung vun engem Employé de l'État méi flexibel a méi rapid.

Zweeten Haaptobjektiv, d'Schafung vun zwee Poste fir Commissaire adjoint nieft dem Commissaire du Gouvernement chargé de l'instruction disciplinaire. Dat soll eng Ennerstëtzung, eng weider Hëllef gi fir de Commissär. Dat ass eng gutt Saach, an zwar weisen d'Zuelen engersäits, dass d'Disziplinarverfahre weider zouhuelen, anersäits muss een och feststellen, dass d'Affäre markéiert sinn duerch eng ëmmer méi grouss Komplexitéit.

Den aktuellen eenzege Commissaire du Gouvernement chargé de l'instruction disciplinaire gëtt ëmmer méi gefuerdert. D'Dossiere ginn net méi schnell genuch evakuéiert a schleefen ze laang.

En ass och, menger Meinung no, personnelméisseg net gutt genuch équipéiert. Hien huet net wéi bei de gewéinlechen Gerichter e Greffier oder e vereedegte Beamten zur Verfügung. Hie muss selwer instruéieren a rédigéieren.

Eng Assistenz vun engem Greffier, oder egal wéi een dat och wëllt nennen, wier fir hie vu gréisstem Nutzen an och am Intérêt vum implizéierte Beamten. D'Prozedur géing vill méi schnell virun.

Aus dem Rapport d'activité 2006 vum Ministère de la Fonction publique geet ervir, dass déi Disziplinarverfahre ganz laang daueren. D'Durée moyenne vun enger Affaire clôturée suite à une instruction dauert 435,5 Deeg. Dat ass eng laang Zäit, vill ze vill laang.

All Beamten, dee beschëllegt ass, waart op eng Décisioun. Dat beonrouegt. Een, deen

am Déngscht ass, deen op eng Décisioun waart, ass net méi optimal motivéiert an ass sécherlech gehemmt bei der Ausübung vu senger Fonctioun. Dat ass mënschlech a gesondheetlech zu sengem Nodeel, a sécherlech net am Intérêt vum Usager vum Service public. Dofir ass et wichteg, dass an dësem Gremium déi noutwendeg Ausbesserungen virgeholl ginn, am Intérêt souwuel vun der Institutioun wéi vum Betreffenden a besonnesch vum Service public.

Mir hunn do jo eng Moossnam virgesinn, fir zwee Kommissäre bäizesetzen, een direkt an deen anere méi spéit, selon les besoins, esou wéi d'Entwécklung vun den Affären virun dësem Gremium festgestallt gëtt.

Am Zesummenhang mam Kommissär wërft d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics de Problem vu senger Indépendance op a stellt d'Garantie vun engem équitabele Prozess a Fro.

Si seet, de Kommissär ass zu gläichen Zäit Juge d'instruction, Riichter a Procureur. Hei muss een awer ënnerscheeden zwëschent der Matière pénale am Droit commun - dem Strafverfahren - an dem Disziplinarverfahren.

D'Répression pénale ass am Intérêt vun der Gesellschaft, an d'Répression disciplinaire administrative ass am eenzegen Intérêt vun der Fonction publique, an dat muss een als solche considéréieren, vu dass dat hei jo awer e Projet de loi ass am Intérêt vun de Beamten, vun de Fonctionnaires a vum Usager.

Mir mengen, dass dat eng wesentlech Verbesserung ass par rapport zum aktuellen System. Duerfir gi mer als Fraktioun och eisen Accord zu dësem Projet.

» Une voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Klein. Domat ass d'Diskussioun ofgeschloss. D'Wuert huet elo de Minister vun der Fonction publique, den Här Claude Wiseler.

» M. Claude Wiseler, Ministere de la Fonction publique et de la Réforme administrative.- Merci, Här President. Just e puer Wuert als Äntwert op déi Froen, déi hei opgeworf ginn. Fir d'éischt wëll ech dem Rapporteur Merci soe fir déi kloer Erklärungen an dem Här Etgen äntwerten.

Wann den Titel vun deem Gesetzestext esou rébarbativ ass, wéi en effektiv ass, dann ass dat just well mer wollten eng korrekt legislativ Aarbecht maachen, andeem mer déi Titelen ugi vun deene Gesetzter, déi mer effektiv änneren. Wann ee seet: Et ass eng Loi fourre-tout, an dann hannendrun awer - wou ech frou driwwer sinn - all eenzel Mesure begréisst, wéi Der et gemaach hutt, dann ass jo meng Konklusioun, wa mer all déi eenzel Mesuren hu misse maachen, hate mer zwou Méiglechkeeten.

Entweder mer concernéieren d'Chamber eng Kéier mat engem Gesamttext oder mer loossen lech dräi-, véiermol doriwwer ofstëmmen. Dofir hu mer aus Rationalitéitsgrënn geduecht, mir géifen esou e rébarbativen Titel a Kaf huelen, fir déi gutt Mesurë gemeinsam hei an engem Vote unhuelen ze loossen. Ech denken, dass jo och all Fraktioun dat esou akzeptéiert huet.

Dat zweet, wat ech wollt soen, ass iwwert déi Remarque vun zwee Commissaires adjoints oder ee Kommissär, wou ech jo vun der Chamberskommissioun un d'Häerz geluecht krut, an enger éischer Etapp nëmmen ee Kommissär ze rekrutéieren mam Constat, dass eventuell de Besoin haut fir en zweeten nach net do war. Ech hunn dat och akzeptéiert. Dat war souwisou meng Intentioun.

Ech wëll awer dann hannendrusoen: Wann ech dann op där anerer Säit héieren, dass

sech beklot gëtt iwwert de Fait, dass esou vill Fäll méi laang daueren, dass dat alles misst méi kuerz gemaach ginn, dass mer elo och feststellen, dass 2006 34 nei Fäll an 2007 71 nei Fäll erakomm sinn - wat also eng grouss Augmentatioun ass vun de Fäll - an dass elo zousätzlech och nach de Gemengesektor derbäikomm ass, da muss ech awer eng kleng Contradictioun am Fait feststellen, dass mer nëmmen ee sollen astellen, well net genuch Aarbecht do war an der Demande vun der Chamber, fir déi Aarbecht awer vill méi schnell ze maachen, déi amgang ass vill ze wuessen.

Ech soen also: Mir stellen elo een an a mir kucken, ob mer domadder eens ginn oder net. Wa mer déi Délaien net wesentlech verkierzt kréien, da musse mer op déi nächst Etapp goen an nach zousätzlech Personal um Niveau vum Redakter - Greffier, wéi Dir géift soen - huele respektiv deen zweete Kommissär derbäihuelen, dass mer dat ënner uerdentleche Konditiounen kënnen an deenen nächste Joren hikeréien.

Déi lescht Saach ass dat, wat den Här Klein opgeworf huet vum Règlement grand-ducal, wéi dat alles soll viru sech lafen. Do ass et esou, dass mer effektiv e Règlement grand-ducal an der Virbereedung oder fäerdeg hunn, deen och schonn un déi eenzel Chamberen matgaangen ass.

Dee Règlement grand-ducal gesäit vir, dass d'Propositioun vum Engagement vun deenen eenzelne Kandidaten op Basis geschitt vun der Berufsexperienz, déi an deenen eenzelnen Dossieren dra sinn, op Basis vun der eventueller Évaluation psychologique an de Resultater dovunner, an op Basis vun engem eventuellen Examen, deen dann déi eenzel Administratioun kann, wa se et da wëllt, organiséieren oder net organiséieren. Mä déi noutwendeg Flexibilitéit, déi mer bis elo ëmmer bei den Employéen haten, gëtt och behalen.

Ech muss och soen, dass et sech hei haupsächlech oder ganz oft ëm Recrutement handelt vu Carrière wéi Employé B, Employé C. Carriären, wou souwisou déi eenzeg Carrière déi vum Employé ass a wou et net onbedéngt eng parallell Fonctionnaire-s-Carrière gëtt, déi also och deelweis heiderch concernéiert sinn.

De leschte Punkt, deen ech wëllt soen, ass, dass et vläicht richtig ass, dass an der Reform vun 2003, déi - dat wëll ech par ailleurs soen - vun der viregter Regierung gemaach gi war, dass déi Disziplinarprozedur, déi an där Reform festgehal ginn ass, vläicht relativ schwierig ass. Mä ech menge mer musse kucken, dass mer nach een, zwee Joer Experienz domadder sammeln, eier mer eng generell Evaluatioun maachen, wa mer se wëllen ëmänneren. Déi Reform vun 2003 kritt elo mat där heiter éischer Adaptatioun vläicht eng besser Méiglechkeet, fir sech an d'Realitéit ëmzesetzen, wéi dat bis elo de Fall war.

Alle Fraktiounen Merci fir déi Zoustëmmung, an och der Kommissioun fir déi gutt Aarbecht, déi geleescht ginn ass.

» Une voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Minister. Mir kommen zur Ofstëmmung iwwert dëse Projet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5795 ass ugeholl mat 58 Joestëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval (par M. Marcel Oberweis), Nancy Arendt (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par Mme Christine Doerner), MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch,

MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar (par M. Lucien Thiel), Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par M. Marcel Sauber), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Romain Schneider), MM. Roger Negri (par M. Roland Schreiner), Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel (par Mme Colette Flesch), Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Fernand Etgen), Alexandre Krieps (par M. Carlo Wagner), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepf (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweeten Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Mir kommen dann zrëck zum Projet de loi 5687, wou de Rapporteur scho säi Rapport gemaach huet. Den éischen age-schriwwene Riedner ass den honorabelen Här Glesener.

4. 5687 - Projet de loi portant

- 1. transposition de la directive 76/207/CEE du Conseil relative à la mise en œuvre du principe de l'égalité de traitement entre hommes et femmes en ce qui concerne l'accès à l'emploi, à la formation professionnelle, et les conditions de travail telle que modifiée par la directive 2002/73/CE du Parlement européen et du Conseil du 23 septembre 2002;
- 2. modification du Code du travail;
- 3. modification de l'alinéa 1 de l'article 2 de la loi du 14 mars 1988 relative au congé d'accueil;
- 4. modification de la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État;
- 5. modification de la loi modifiée du 24 décembre 1985 fixant le statut général des fonctionnaires communaux;



Chambre
des Députés

L U X E M B O U R G

d'Chamber online op
www.chd.lu

6. modification de la loi du 28 novembre 2006 portant 1. transposition de la directive 2000/43/CE du Conseil du 29 juin 2000 relative à la mise en œuvre du principe de l'égalité de traitement entre les personnes sans distinction de race ou d'origine ethnique; 2. transposition de la directive 2000/78/CE du Conseil du 27 novembre 2000 portant création d'un cadre général en faveur de l'égalité de traitement en matière d'emploi et de travail; 3. modification du Code du travail et portant introduction dans le Livre II d'un nouveau titre V relatif à l'égalité de traitement en matière d'emploi et de travail; 4. modification des articles 454 et 455 du Code pénal; 5. modification de la loi du 12 septembre 2003 relative aux personnes handicapées (suite)

Discussion générale

» **M. Marcel Glesener (CSV).**- Merci, Här President. Den Här Kaes huet schonn d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioun ginn. Ech wëll dat dann net nach eng kéier widderhuelen. Ech wëll awer drop halen, fir dem Rapporteur Merci ze soe fir seng Aarbecht. Ech wëll awer och da soen, dass eis Fraktioun sech bekennt zum Gläichheetsprinzip tëschent Mann a Fra an der Gesellschaft, an der Aarbechtswelt an och vis-à-vis vun den aarbechts- a sozialrechtliche Bestëmmungen.

Ech sinn der Meenung, dass mer hei ee wesentleche Schrëtt méi no un dee Gläichheetsprinzip erukomm sinn. Duerfir argumentéieren ech nach eng kéier ofschléissend, dass opgrond vun deenen Tatsaache selbstverständlech eis Fraktioun den Accord zu dësem Projet de loi gëtt.

Merci.

» **M. le Président.**- Merci, Här Glesener. Den honorabelen Här Etgen.

» **M. Fernand Etgen (DP).**- Ech wëll och dem Rapporteur Merci soe fir säi schrëftlechen a säi mëndleche Rapport.

Dat Eenzezt, wat ech am Fong geholl ka relevéieren, ass, dass dat Ganzt op eng Direktiv zrëckgeet vun 2002 an dass mer sou laang gebraucht hu fir dëse Projet ëmzesetzen; besonnesch wann ee bedenkt, dass den Délai, fir dës Direktiv ëmzesetzen, schonn de 5. Oktober 2005 ofgelaf ass an dass mer de Mäerz dëst Joer dowéinst condemnéiert gi sinn.

Inhaltlech ass beim Projet näischt aussetzen. D'Fraktioun vun der Demokratescher Partei wäert dëse Projet stëmmen.

» **Plusieurs voix.**- Très bien!

» **M. le Président.**- Très bien. Madame Spautz, wann ech gelift.

» **Mme Vera Spautz (LSAP).**- D'Fraktioun vun der LSAP gëtt och hiren Accord zu dësem Projet oder zu dëser Ëmsetzung vun der Direktiv. Mir sinn iwwerzeegt dovunner, dass mer net weider EU-Direktive brauchen, fir an Zukunft awer weider an der Chancëgläichheetspolitik hei an der Chamber nach eng ganz Rei Gesetzter ze stëmmen.

» **Plusieurs voix.**- Très bien!

» **M. le Président.**- Merci, Madame Spautz. Ech denken, dass d'Fraktioun vun deene Grénge och mat deene Konkusiounen d'accord ass?

» **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).**- Brauche mir net ze schwätzen?

» **M. le Président.**- Oh, pardon.

» **Plusieurs voix.**- Ooohhh!

(Interruptions)

» **M. Xavier Bettel (DP).**- Spillverderwer!

» **M. le Président.**- Lauschtert elo emol ganz opmierksam dem Här Henckes no.

» **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et geet hei wuel drëm, fir de Gläichheetsprinzip vu Mann a Fra erëm an ons Gesetzgebung ze integréieren an ze perfektionéieren. Nach ginn et am Gesetz verschidden Onzoulänglechkeeten. Et muss een och menger Meenung no op e puer ganz negativ Aspekter, notamment um Niveau vun den Assurancen, hiweisen an d'Bevölkerung driwwer opklären, dass dat heite Gesetz och wäert verschidde Répercussiounen hunn, déi notamment zu Désavantagé vun de Frae féieren.

Dat Éischt, wat ee muss festhalen, ass, dass de Conseil d'État mat Recht ervirsträicht, dass mer där Gesetzgebungen iwwert den Traitement, iwwert d'Gläichberechtigung vu Mann a Fra ganz vill hunn an dass et Zäit wier op Säite vun der Regierung, fir déi eng kéier an engem Texte coordonné oder an engem Code zesummenzesetzen, well dat ass elo total doruechter verspree. Et ass kee méi dee weess, wat e seet. Do kënnen mir ons als ADR och nuren dem Avis vum Statsrot uschlëssen a mat deem d'accord sinn.

Deen anere Fait, dee mer muss festhalen, ass, dass hei an dëser Gesetzgebung just nuren den Harcèlement sexuel vu verschiddene Sexë récriminéiert gëtt. Mä den Harcèlement sexuel ënner Leit vum elwachte Sex ass net récriminéiert. Do fänke mer un och un e puer Schwierigkeeten ze kréien. Dat ass e Manktum am Gesetz.

Dann ass een Deel vum Gesetz och net ganz kloer. Dat ass, dass zum Beispill, wann d'Victime vun enger Mesure de discrimination keng Plainte féiert a wa se keng Deklaratioun bei der Police mécht, da kann awer eng Associatioun fir si optrieden, ouni dass déi Persoun dermat d'accord ass.

Dat schéngt mer relativ wäit ze goen an deem Gesetz. Vläch ass et och anescht ze interpretéieren, mä den Text en tant que tel erlaabt dat. An et ass néierens gesot, dass sollt en Accord vun der Victime do sinn an dass déi Plainte och misst bestoe bleiwen.

Da kommen ech op de Problem ze schwätze vun den Assurancen. Bis elo ass et esou, dass et effektiv Differenzen an de Primé vun den Assurancë gëtt, jee no Sexe. An ech wëll hei e puer där Beispiller opzielen.

Bei der Liewensversécherung beim Typ Solde restant dû huelen ech als Beispill e Mann, dee gebueren ass de 16. Mee 1956, an eng Fra, déi deeselwechten Datum gebuer ass. De Capital assuré ass 300.000 Euro, d'Dauer ass 25 Joer an den Taux 5,25%.

Fir d'Prime unique muss de Mann am Ablack 35.236,56 Euro bezuelen. Fir d'Fra sinn et awer nëmmen 26.449,52 Euro. Dat heescht 9.000 Euro manner.

Vun elo un, also wann d'Gesetzgebung elo duerchgefuert gëtt, wäert d'Prime vun der Fra ëm 9.000 Euro gehéicht ginn, esou, wéi et elo am Text steet, well et muss no uewen ugepasst ginn.

Dann zu den Autosversécherungen. Och do geet et esou. Wann ech deeselwechten Auto hei huelen: 2400 cm³, 120 kW, vun engem Wäert vun 42.000 Euro, da gesäit een, dass déi Prime...

(Interruption)

» **M. le Président.**- Dir Dammen an Dir Hären, ech géif lech bieden, den Här Henckes hei net ze stéieren, well et ass komplizéiert mat deene Calculen.

(Hilarité et interruptions)

» **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).**- Et ass awer wichteg. Ech wëll awer drop hiweisen, dass déi Prime elo fir de Mann bei ronn 1.450 Euro läit, bei der Fra sinn et 1.400 Euro, a wann et eng Femme au foyer ass, sinn et 1.367 Euro. Dat heescht, do sinn also grouss Differenzen.

Elo gi mer hei décidéieren, dass déi Prime déiselwecht ass, a bien entendu gëtt se fir d'Fraen no uewen ugepasst, huelen ech un, an net no ënnen, well mer keng Dispositiounen am Gesetz virgesinn hunn, dass dat misst awer da kontrolléiert ginn.

Da gëtt et e Punkt, zu deem ech och dem Rapporteur wollt eng Fro stellen. Wat heescht am Artikel 7...

(Interruption)

Den Här Rapporteur oder d'Regierung ka mer drop äntworten.

Am Artikel 7 gëtt gesot, dass, wann d'Stature vun enger A.s.b.l. net d'Gläichberechtigung géif fördern, wann eng A.s.b.l. zum Beispill nëmme fir Männer oder nëmme fir Fraen ass, dass déi kéint annulléiert ginn, dass déi A.s.b.l. kéint opgeléist gi vun der Regierung.

Dofir wéilt ech elo froen, ob déi Fraen- an déi Männerassociatiounen, déi bestinn an déi just nëmme fir d'Fraen oder nëmme fir d'Männer sinn, elo wäerte vun der Regierung opgeléist ginn.

Well den Text, esou wéi en hei geschriwwen ginn ass - an dat ass net de Sënn vun der Direktiv, mä esou hu mer et hei an ons Gesetzgebung ëmgesat -, léisst dat doten zou.

Elo ass et vläch anescht ze verstoen. Dofir wier ech frou, wann d'Regierung oder de Rapporteur ons géif soen, wéi dat da wier.

(Interruptions)

Éierlech gesot, vu dass den Text net kloer ass, muss ech vun der Regierung kloerheet froen. Et heescht: «Les statuts d'une a.s.b.l. qui sont contraires au sens de cette loi sont nuls et non avenues.»

Et muss een also froen: Wat heescht dat?

Da bei den Offres d'emploi, do gëtt gesot, an dat ass jo och richtig, dass alleguerten déi Annoncen, fir eng Aarbecht ze sichen, déi an den Zeitunge publizéiert ginn, elo mat „masculin“ a „féminin“ mussen formuléiert sinn, dat heescht, neutral mussen sinn.

Elo gëtt et awer verschidde Fraenassociatiounen, déi publizéieren Aarbechten, déi nëmmen exklusiv si fir d'Fraen an an deene kee Mann virgesinn ass.

Dofir froen ech: Ass dat och elo illegal? Riskéieren déi Fraenassociatiounen elo Sanktiounen?

Da seet en aneren Deel vum Text, et dierf keng Référence méi gemaach ginn à l'état matrimonial. Dat heescht, dass een net méi ka vun „Joffer“ an „Madame“ schwätzen, mä dass een also elo muss all kéiers iergendeen vun deenen zwee do huelen.

Wat ass d'Gepflogenheet vun der Regierung? Wéi gesäit d'Regierung déi Interpretatioun an déi praktesch Applikatioun vun deem Gesetz?

Dann hu mer an dem Text, dee mer virleien hunn, och eppes stoen, wat relativ onglécklech ass. Hei steet dran, dass all «dispositions légales, réglementaires et administratives relatives à la protection de la femme (...) ne constituent pas une discrimination». An do gëtt als Beispill gesat: «...notamment en ce qui concerne la grossesse et la maternité». Mat dem Prinzip hu mer kee Problem. Mä mir hunn e Problem mat dem Wuert „notamment“.

Wat fir aner Gesetzgebunge spillen dann nach an deem Fall? Ech mengen, wann een e Gesetz huet, wou et Sanktiounen gëtt, wou verschidde Plaintë gemaach kënnen ginn, da geet et awer net duer mat engem „notamment“, mä da muss d'Gesetz déi Donnéeën, déi Gesetzter opzielen, déi hei viséiert sinn. Dat ass awer net de Fall.

An et ass dowéinst och notamment, dass mer, wann et eventuell strofrechtlech Bestëmmunge kéint ginn, dann do an enger anerer Situatioun setzen.

Dat alles gesot, Här President, fir ze soen, dass mer, wa mer keng satisfaisant Explikatiounen iwwert dësen Text kréien, ons bei dësem Text enthalte wäerten, quitte dass mer mam Prinzip dovunner d'accord sinn, mä d'Gesetz ass onglécklech formuléiert.

(Interruptions diverses)

» **Une voix.**- Merci, Här Kartheiser!

» **M. le Président.**- Merci, Här Henckes. Ech hat zwar schonn den Accord vun der grénger Fraktioun ginn, mä d'Madame Loschetter huet nach eng kéier d'Wuert gefrot, also kritt si et och.

» **Mme Viviane Loschetter (DÉI GRÉNG).**- Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif awer gäre preziséieren...

(Interruptions)

Ech wollt scho soen: Dir Dammen an Dir Dammen. Neen, Dir Dammen an Dir Hären - trotz dem Projet!

Ech wollt preziséieren, firwat mir déi Direktiv hei stëmmen, an ech wollt och nach eng kleng Remarque dozou maachen.

Säit 1976, de Rapporteur huet et scho gesot, gëtt et déi Notioun vun Égalité de traitement tëschent Fraen a Männer op der Aarbecht, esou wéi eben déi Direktiv, déi haut dann erëm geännert respektiv verbessert gëtt, transposéiert ginn ass.

D'Base juridique hu mir awer hei zu Lëtzebuerg dank dem Traité vun Amsterdam - dat ass och scho gesot ginn - vum 1. Mee 1999. Dat sinn dann nëng Joer hier. An dunn, zwou Wochen drop, den 12. Mee 1999, huet meng Virgängerin, d'Madame Renée Wagener eng Proposition de loi an der Chamber déposéiert, déi dat viregt Gesetz vun 1981, dat heescht, déi éischt Ëmsetzung vun der EU-Direktiv iwwert d'Égalité de traitement modifizéiert.

Deemools huet déi viregt Presidentin vun der Chancëgläichheetskommissioun - deemools gouf et och nach eng eege Chancëgläichheetskommissioun -, d'Madame Ferny Nicklaus, all eenzelne Punkt vun dëser grénger Proposition de loi auserneegeholl an och vehement contestéiert.

Si huet gemengt, Här President, dass d'Proposition vun der Madame Wagener e bësse wäit féiert. Si huet och gemengt, an esou steet et och am Procès-verbal vun der Chamber, dass dës Proposition de loi dann eben an där nächster Legislaturperiod - mir ware kuerz virun de Wahlen - an d'Égalitéskommissioun sollt kommen, déi géif sech da méi intensiv mat där Proposition vun der grénger Fraktioun beschäftegen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dës Proposition de loi vun der Madame Wagener vun der grénger Fraktioun ass net an der Égalitéskommissioun diskutéiert ginn. Nëng Joer laang war dës Proposition um Rôle des affaires.

Mir hu virun e puer Méint der Madame Wagener hir Proposition de loi zrëckgezunn. Et koum op eemol esou en „Oh“ hei aus der Chamber, mä mir hu se zrëckgezunn, well se nëng Joer laang net diskutéiert an net ëmgesat ginn ass - ganz einfach -, mä awer och, well dës Direktiv elo ëmgesat gëtt, an zu engem Deel och nach méi wäit féiert wéi eben déi gréng Proposition de loi vun deemools.

Gott sei Dank och dofir, Här President, gëtt et EU-Direktiven, déi ons obligéieren, Gesetzter ze stëmmen. Well mir sinn iwwerzeegt, leider, dass dëse Projet de loi, deen elo souwisou um allerleschte Stëppel gestëmmt muss ginn, well mer soss mussen bezuelen, well mer scho vill ze vill spéit sinn an onsen Hausaufgaben hei zu Lëtzebuerg, esou an där Form mat Sécherheet net vun de successive Regierungen déposéiert gi wier, well en effektiv wäit féiert.

Mir hunn an de leschten zwee Joer schonn dräi wichteg Direktiven an nationaalt Recht ëmgesat, déi d'Gläichheet, notamment tëschent Männer a Frae mat aktiver Bekämpfung vun Discriminatiounen opgrond vu Sex, Orientation sexuelle an esou weider, traitéieren.

Et sinn och dës Gesetzter, déi et erlaben Akloen ze maachen, Jurisprudenzen ze schafen a Sanktiounen auszuschreiwen wann eng Discriminatioun, notamment opgrond vum Sex, stattfënn. An dësem Gesetz hei fanne mer d'Definitioun vun Discrimination directe, vun Discrimination indirecte, vun Harcèlement a vun Harcèlement sexuel erëm. Notiounen - ech erënnere lech drun -, déi nach virun e puer Joer belächelt gi sinn; op d'mannst net seriö geholl gi sinn. Haut hu mer se an engem Gesetz feststoen.

Wat d'Ausschreiwung vun der Offre d'emploi ubelaangt, esou ass et expressément erlaabt Annoncen ze maachen „privilégiant les travailleurs du sexe sous-représenté“. Och dëst ass e wichtige Message, virun allem an den Annoncen, déi zum Beispill d'Décisionsposte betreffen. Här Minister, d'Uni Lëtzebuerg mécht dat wa se Annoncen ausschreift. All Associatioun, déi eng Personne juridique duerstellt an déi säit engem Joer als solch besteet, kann dann och akloen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat mir am meeschte begrësse bei dëser Transposition - an et ass schonn ugeklongen - ass de Fait, dass et dës kéier fäerdeg bruecht ginn ass all schaffend Persoun mat an de Genoss vun dësem Gesetz eranzehuelen, all Salarié aus dem Privatsektor, all Travailleur indépendant, schaffend Persounen aus der Fonction publique, souwuel beim Stat wéi och bei de Gemengen.

Also, et ass awer méiglech, wann ee sech richtig uleet. Dat begrësse mir ausdrécklech. Hei ass d'Gesetz - an déi Technik ass schonn erkläert gi vum Rapporteur - eben an zwou Partien opgedeelt ginn, fir deem da Rechnung ze droen an dat och esou ze erlaben.

Och dës Manéier, fir eng Direktiv an nationaalt Recht ze transposéieren a jiddferee mat ze considéieren, kritt elo hei och eng Jurisprudenz, do wou et méiglech ass.

Déi Gréng wäerten op alle Fall do, wou et nach noutwendeg wier, d'Regierung dorun

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal,
Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:

Polygraphic Communication SA, Differdange

Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

erënneren. Dëst gesot a wéi Dir et scho richtig gesot hutt, Här President, déi gréng Fraktioun stëmmt dëse Projet de loi mat.

» **Une voix.**- Très bien!

» **M. le Président.**- Merci, Madame Loschetter. Den Här Minister François Biltgen huet d'Wuert.

» **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).**- Här President, ech hat och e puer Froen un de Rapporteur gestallt. Ech wier frou wann hie mer kéint äntwerten.

» **Une voix.**- Très bien!

» **Une autre voix.**- Sot dem Minister wéi hien et soll maachen.

» **M. Gast Gibéryen (ADR).**- De Rapporteur weess net wat den Här Henckes mécht.

» **M. François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eigentlech wollt ech näischt derzou soen. Ech hu just net alles fäerdeg bruecht opzeschreiwen, well déi geballten... Ech weess net wéi ech et soll ausdrécken, well ech ëmmer héiflech bleiwe wëll; wat den Här Henckes hei gesot huet.

(Interruption)

Et gëtt eppes, dat heescht Reglement vun der Chamber. Do steet dran, dass een och ka lauschtere kommen als Net-Member. Dann hätt ech - an de Rapporteur och - lech déi Froen, déi Der gestallt hutt, schéi propper erkläert, mä Dir hutt dat net gemaach.

» **Une voix.**- Dir kënnt et jo elo maachen.

» **M. François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi.**- Jo, natierlech. Ech maachen dat dann och elo hei.

» **Une autre voix.**- Dir kënnt dat och hei maachen. Da kritt och jiddferen et mat.

(Hilarité)

» **M. François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi.**- Ech stelle just fest, dass déi meescht alles verstanen hunn; just Dir net.

» **Une voix.**- D'ganz Land ass net an der Kommissioun.

(Interruption)

» **M. François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi.**- Also éischstens wëll ech emol dem Här Kaes Merci soen, dass hien dat hei esou kloer duergestallt huet,...

» **Plusieurs voix.**- Aaahhh!

» **M. François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi.**- ...mä hie war esou kloer, dass den Här Henckes et net verstanen huet. Mä vu dass et kloer war, kann et jo net um Rapporteur hanken.

(Interruptions)

Den Här Henckes seet hei, hie wier mam Statsrot d'accord, dass ee misst en Texte coordonné maachen. Mir hu just dat gemaach, wat de Statsrot gesot huet, nämlech keen Texte coordonné. Well dat war dat Éischt, wat mer gemaach hunn.

Mir hunn en Text erabruecht, wou alles an engem Text stoung. De Statsrot huet gesot, dass dat keng gutt Technique législative wär an dass ee misst an all Text dat schreiwen, wat an all Text gehéiert: dat heescht, an de Code du travail wat an de Code du travail gehéiert; an de Statut des fonctionnaires publics wat an de Statut des fonctionnaires publics gehéiert; an de Statut des fonctionnaires communaux wat an de Statut des fonctionnaires communaux gehéiert; an net dat, wat an de Statut des indépendants geet, well mir hu kee Statut des indépendants.

Dofir hu mer nach en zousätzlechen Text driwwer gemaach. D'Technique législative bréngt dat mat sech, dass een dat eben esou muss maachen; wéi de Statsrot dat richtig gesot huet.

Da seet den Här Henckes, elo kann een net méi vun „Joffer“ a vun „Madame“ schwätzen; ech weess net wou hien dat liest, wat am Text steet. Et ass alles am Artikel 1 dran: Wat ass eng Discrimination directe an eng Discrimination indirecte? Et ass net, dass een net dierf ze enger Joffer soen „Joffer“ oder zu enger Madame soen „Madame“, well hei schwätze mer vun engem Texte d'emploi. Hei geet et ëm d'Aarbecht.

(Interruption)

Dat heescht, wann eng Joffer do ass, nennt Der se „Joffer“, mä Dir kënnt net soen: Ech stellen a mengem Betrib nëmme Jofferen an, oder ech stellen a mengem Betrib nëmme Madamen an oder nëmme Gescheetener oder Net-Gescheetener.

(Hilarité)

Dat ass dat, wat den Text hei seet. Hei geet et net ëm Emploi. Hei ass eng Direktiv, déi schwätzt vum Principe de l'égalité de traitement entre hommes et femmes en ce qui concerne l'accès à l'emploi, à la formation et à la promotion professionnelles. Dorëms geet et. Et ass keng Direktiv iwwer l'Emploi des formules de politesse. Ech mengen och net, dass esou eng Direktiv géif kommen, well d'Communautéit huet eigentlech keng Kompetenz fir dat doten ze maachen.

D'Madame Brasseur wollt eppes soen.

» **Mme Anne Brasseur (DP).**- Här President, wann Der erlaabt, däréf ech dem Minister eng Fro stellen?

» **M. le Président.**- Jo.

» **Mme Anne Brasseur (DP).**- Merci.

» **M. François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi.**- Et geet net méi op eng un.

» **M. le Président.**- Passt op, d'Zäit leeft dem Minister fort.

» **Mme Anne Brasseur (DP).**- Här President, den Här Minister huet ons dat elo ganz gutt erkläert, mä eng Fro, déi hei am Débat net opgeworff ginn ass, dat ass déi wéi et mam Clergé ass - dat ass eng Fro, déi ech schonn a viregten Debatten opgeworff hat -, wéi dat kompatibel ass mat der Konventioun vun New York a wéi et kompatibel ass mat de successiven Direktiven, well bei eis jo och de Clergé bezuelt gëtt - d'Paschtéier gi bezuelt - iwwert de Statsbudget, ob mer do konform si mat deem Text, dee mer elo haut unhuelen.

Merci.

» **Une voix.**- Dat ass eng gutt Fro!

» **M. François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi.**- Déi Fro hunn ech 1998 beäntwert wéi ech deemools, grad wéi Dir och, Member vun der Chamber war a wéi mer d'Konventiounen gestëmmt hunn. Well dat war eng Fro vum Aarbechtsrecht-lechen an do hat de Statsrot dee Moment nämlech effektiv d'Fro vum Statut vum Clergé opgeworff.

Deemools hu mer ganz kloer - géint den Avis vun der Chambre des Fonctionnaires publics iwwregens - zesummen décidéiert, dass mer hei am Privatrechtleche wäeren. Och wann d'Peie vum Stat kommen, si mer an engem privatrechtleche Regime. Dat heescht, hei ziele sämtlech Prinzipien, déi mer an eisem Aarbechtsrecht hunn, vun - net vun Discriminatioun - Ënnerscheed, deen ee ka maachen. Déi zielen. Wann den Ënnerscheed justifiéiert ass, dann ass den Ënnerscheed justifiéiert. Wann en net justifiéiert ass, dann ass en net justifiéiert.

Et ass ganz kloer no de Jurisprudenzen, déi mer och am Aarbechtsrecht hunn, dass all Betrib ka seng Réglementatioun maachen, wou hien och kann Ënnerscheeder maachen. Hie musse se just herno kënne motivéieren.

D'Kierch fiert nom Droit canonique. Soulaang den Droit canonique ka justifiéiert ginn - dass dat eng Justificatioun ass, déi sech imposéiert -, ass et kloer, dass dat ka kommen. Wann dat net de Fall ass, ass dat net de Fall.

Mir haten nämlech déi Debatt mat anere Länner relativ staark bei der Direktiv, well verschidde Länner - notamment Irland - wollte ganz wäitgehend Derogatiounen hu pour des raisons religieuses, wat d'Direktiv eigentlech zimlech zrückschreift a wat bei eis och kee Problem war, well mer dat net hunn.

Déi Fro, déi sech zum Beispill stellt, ass: Kann een een astellen a soen, du muss an d'Kierch goen? An do ass d'Jurisprudenz ganz kloer. Dat hänkt dervun of wat fir ee Posten een exercéiert. Wann ee Paschtouer ass, ginn ech emol dovunner aus, dass et justifiéiert ass, fir ze soen: Du muss dech och zu deem Patron bekennen; wat s de bass. Wann een awer eng Botzfra stellt, ass dat keng Ursach, fir do ze soen: Du muss déi an déi Konditioun erfüllen.

Dat ass och an der Direktiv kloer geregelt. Eist Aarbechtsrecht ass och an deem dote Punkt kloer, esou dass ech hei keng Discriminatioun gesinn. Wéi gesot, wann Der de Rapport noliest, deen d'institutionell Kommissioun 1998 ënnert dem Président-rapporteur François Biltgen gemaach huet, fannt Der relativ vill Äntwerten iwwert den Droit positif du droit du travail zu deenen dote Froen. Ech mengen, dass dat nach ëmmer justifiéiert ass.

Ech fueren da weider mat de Rechtsbe-léierungen, andeem ech dann zrëckkommen op den Artikel 1, nämlech: Wat ass eng Discriminatioun? Nach eng Kéier, mir sinn hei, Här Henckes, am Emploi; müssen also kucke wat den Emploi ass.

Eng Discriminatioun - direkt oder indirekt - ass, wann ee seet: Du kriss dee Posten oder déi Formation professionnelle net wéinst dem Sexe, wéinst dem Régime matrimonial, an esou weider an esou fort. Dat ass Discriminatioun. Woubäi do ganz kloer steet - well Dir elo sot, elo kéinten d'Fraenorganisationsiounen net méi spezifesch Konditiounen maachen -, dass een natierlech ëmmer muss kucken, ob e Kritär oder eng Pratique objectivement justifiée par rapport à un but légitime ass.

Dat heescht, mir hunn - an dat ass hei wichtig - an dësem Text erëm eng Kéier eng Base légale fir d'Discrimination positive. Fir ze soe wann et legitiméiert ass - loosse mer soen -, do stelle mer elo nëmmen eng Fra an, da muss een dat natierlech ëmmer am Fall beweisen. Da geet dat. Dat ass e grouse Prinzip vum europäesche Recht, dat ass de Principe de la proportionnalité.

Dat heescht, Dir hutt hei versicht eng Karikatur ze zeichnen, mä d'europäesch Recht ass net karikatural. D'europäesch Recht fonctionnéiert nom Régime de la proportionnalité. Dat heescht, wann ee seet, fir deen doten Job soen ech eng Fra oder ech soen e Jonken oder ech soen en Eeleren, da muss dat objektiv justifiéiert si par rapport zu deem Posten. Et dierf just net einfach esou vun uewen erof kommen, an déi Prinzipien, déi fanne mer ëmmer erëm, sou dass ech do déi Gefor net gesinn, déi den Här Henckes gesäit.

(Brouhaha général)

Dann huet den Här Henckes menger Usicht no eng Fro gestallt, wann ech dat richtig verstanen hunn, zum Artikel 7: «Est à considérer comme nulle et non avenue toute disposition figurant notamment dans un contrat, une convention individuelle ou collective ou un règlement intérieur d'entreprise...» an esou weider an esou fort.

Jo, wann an iergendengem Kontrakt eng Discriminatioun drasteet, ass en nul et non avenue, an do si mer am Normalen erëm eng Kéier, am Droit commun, net méi du travail, mä am Droit commun civil si mer hei, an da schwätze mer vun enger Nullité absolue an net vun enger Nullité relative. Ech halen awer elo kee groussen Discours iwwert den Ënnerscheed zwëschent der Nullité absolue an der Nullité relative.

Dann ass eng Fro, déi opgeworff gouf - et ass déi eenzeg Fro, déi opgeworff gouf an der Kommissioun, awer net vum Här Henckes -, doriwwer wéi eng Victime an eng Associatioun sech behuelen. Do hu mer schonn an aneren Texter eng Formulatioun, déi mer och hei iwwerholl hunn, nämlech mer soen, d'Associatioun kann anrieden, mä, wann d'Victime dogéint ass, dann dierf se dat net.

Dat heescht, Här Henckes, hei ass schonn e Garde-fou. Elo kann een driwwer diskutéieren: Hätt ee solle soen, et muss ee fir d'éischt den Accord vun der Victime froe goen? Oder seet een, d'Victime ka sech opposéieren?

Déi Texter, déi mer bis elo gemaach hunn, schreiwe ganz däitlech, dass d'Victime sech opposéiere kann, well mer och hei de Geescht vun der Direktiv awer musse respektéieren. De Geescht vun der Direktiv seet, wann et just op deen Einzelnen ukënnt, fir sech géint d'Discriminatiounen ze wieren, da komme mer net wäit. Mir müssen aner Organer hunn, déi sech selwer der Diskriminierung an der Netdiskriminierung unhuelen. Dat ass engersäits de Centre d'égalité an dat sinn anerersäits déi Associatiounen, déi an deem doten Domän aktiv sinn.

Duerfir ass fir mech déi Formule, wéi mer se fonnt hunn, dass d'Victime kann dergéint sinn, mä net muss expressis verbis dofir sinn, am Geescht vun der Direktiv, déi gâr hätt, dass Associatiounen sech hei aktiv ëm d'Netdiskriminierung këmmen.

Ech soen lech dat als Aarbechtsminister. Ech kenne bal keen, dee wéinst Harcèlement sexuel sech bei enger ITM gemellt hätt, well d'Leit Angscht hunn, bei eng Verwaltung ze goen.

Dat heescht, wa mer net do privatrechtlech Organismen hunn, da komme ganz vill Saachen einfach net un d'Dageslicht, an an deem Sënn mengen ech schonn, dass dat heite justifiéiert ass.

Dann, mengen ech, kënnt elo dat Lescht. Ech hoffen, dass ech alles nach am Kapp hat, soss musst Dir nohaken. Dat Lescht, wourobber ech wollt agoen, dat ass dat mat den Assurancen. Dat ass net Bestanddeel vun dësem Gesetz, mä mir profitéiere vun dësem Gesetz, fir eigentlech just dat ëmzebéien, wat Dir als Gefor gesitt.

An deem alleréischten Text, dee mer eng Kéier gemaach hunn, hu mer esou eng allgemeng Netdiskriminierung gemaach bei den Assurancen. Deen heiten Text mécht just de Contraire. Dee seet, wann et objektiv justifiéiert ass, fir deen ee méi Prime wéi deen aneren ze froen, da kann dat geschéien, ebe just fir ze évitéieren, dass nëmmen déi deierst Primë géife gefrot ginn, well een net kann den Ënnerscheed maachen no objektiven Ursache vum Âge...

(Hilarité)

Hei geet et haaptsächlech och ëm den Alter.

Dir interpretéiert mäin Accent aneschters. Gutt!

(Interruption et hilarité)

D'nächste Kéier maache mer d'Traduction simultanée, Här Bettel.

Soudass ech mengen, dass déi Bedenken, déi hei opkomm si géint den Text, net justifiéiert wäeren. Ech wär da frou, wa mer vläicht géifen eng Unanimitéit kréie fir deen Text.

Ech kënnegen lech un, dass mer an deenen nächste Méint mat engem neien Text kommen, well mer méttlerweil all déi Texter, déi mer hunn, op europäeschem Niveau koordinéiert hunn, an dass mer elo déi Koordinatioun dann och nach eng Kéier hei an d'Parlament bréngen. Mir kënnen eis also nach weider vill hei ënnerhalen iwwert déi verschidde Rechtselementer vun esou enger Direktiv.

(Interruptions)

» M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Ech wollt dem Här Minister Merci soe fir déi Explikatiounen, mä mir enthalen ons awer,...

» Plusieurs voix.- Oh!

» M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- ...well eng etlech vun deene Saachen hei net ganz iwwerzeegend waren.

(Interruption)

Ech huelen un datt mer wäerten, bei den Asurancen notamment, nach déi eng oder aner Surprise kréien, well d'Gesetz net kloer ass.

» Une voix.- Très bien!

(Interruptions diverses)

» Plusieurs voix.- Merci, Här Kartheiser!

(Hilarité)

» M. le Président.- Voilà, Dir Dammen an Dir Hären, wann Dir lech berouegt hutt, da komme mer zu der Ofstëmmung vum Projet de loi 5687.

(Interruptions)

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5687 ass ugehall mat 55 Jo-Stëmmen an deene véier Abstentiounen, denken ech, vun der ADR.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval (par M. Marcel Oberweis), Nancy Arendt (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par Mme Christine Doerner), MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar (par M. Patrick Santer), Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf (par M. Lucien Clement), Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par M. Marc Spautz), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol (par M. John Castegnaro), M. Fernand Diederich (par M. Alex Bodry), Mme Lydie Err (par M. Romain Schneider), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri (par M. Ben Fayot), Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner (par Mme Vera Spautz) et Mme Vera Spautz;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps (par M. Carlo Wagner), Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepf (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn um Enn vun eiser Aarbecht ukomm. Haut de Mëtteg gesi mer eis um hallwer dräi erëm.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 11.57 heures)

Sommaire des séances publiques N°s 35, 36 et 37

5516 - Projet de loi

- relatif à la création d'un Institut luxembourgeois de la normalisation, de l'accréditation, de la sécurité et qualité des produits et services et à la création d'un cadre général pour la surveillance du marché dans le contexte de la commercialisation des produits,

- modifiant * la loi modifiée du 17 mai 1882 sur les poids et mesures, * la loi modifiée du 17 avril 1964 portant réorganisation de l'administration des contributions directes et accises, * la loi modifiée du 14 août 2000 relative au commerce électronique, et * la loi du 31 juillet 2006 relative à la sécurité générale des produits, et

- abrogeant la loi du 22 mars 2000 relative à la création d'un Registre national d'accréditation, d'un Conseil national d'accréditation, de certification, de normalisation et de promotion de la qualité et d'un organisme luxembourgeois de normalisation, modifiant la loi du 14 décembre 1967 portant institution d'un poste de Commissaire du Gouvernement, portant création d'un Service de l'énergie de l'État, et concernant l'exploitation des centrales hydro-électriques d'Esch-sur-Sûre et de Rosport (suite) page 445

5585 - Projet de loi ayant pour objet le contrôle des voyageurs dans les établissements d'hébergement (suite) page 445

Dépôt d'une motion et d'une résolution par M. Aly Jaerling pages 445-446

5820 - Projet de loi relative à la transformation et à la rénovation du Centre Marienthal pages 446-448

Question avec débat N°31 de M. Xavier Bettel - Convention relative à la présence d'observateurs indépendants à l'occasion de tous les éloignements forcés page 448

5698A - Projet de loi portant approbation de la Convention du Cap du 16 novembre 2001 relative aux garanties internationales portant sur des matériels d'équipement mobiles et de son Protocole portant sur les questions spécifiques aux matériels d'équipement aéronautiques page 449

5751 - Projet de loi portant approbation du Protocole, modifiant le Protocole additionnel relatif aux impôts annexé à la Convention concernant la coopération administrative et judiciaire dans le domaine des réglementations se rapportant à la réalisation des objectifs de l'Union économique Benelux, signé à La Haye, le 29 avril 1969 et de la Déclaration des trois Gouvernements, signés à Bruxelles, le 17 avril 2007 page 449

5550 - Projet de loi portant adaptation du droit interne aux dispositions du Deuxième Protocole relatif à la Convention de La Haye de 1954 pour la protection des biens culturels en cas de conflit armé, signé à La Haye, le 26 mars 1999 pages 449-450

Demandes en naturalisation page 450

Ordre du jour page 450

Communications page 451

5875 - Proposition de loi

a) réinstaurant l'automatisme d'indexation des salaires, traitements, pensions et rentes

b) réinstaurant l'indexation des prestations familiales et du forfait éducation et

c) instaurant l'indexation automatique du boni pour enfant et de ce fait 1) abrogeant les articles 1^{er} et 3 de la loi du 27 juin 2006 adaptant certaines modalités d'application de l'échelle mobile des salaires et des traitements; 2) modifiant a) l'article 11 de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État, la loi modifiée du 27 mai 1975 portant généralisation de l'échelle mobile des salaires et des traitements; b) l'article 10 de la loi modifiée du 20 juin 1977 ayant pour objet: 1) d'instituer le contrôle médical systématique des femmes enceintes et des enfants en bas âge; c) de modifier la législation existante en matière d'allocations de naissance; d) l'article 4 de la loi modifiée du 30 avril 1980 portant création d'une allocation de maternité; e) l'article 4 de la loi modifiée du 19 juin 1985 concernant les allocations familiales et portant création de la caisse nationale des prestations familiales; f) l'article 3 de la loi modifiée du 14 juillet 1986 concernant la création d'une allocation de rentrée scolaire; g) l'article 6 de la loi modifiée du 1er août 1988 portant création d'une allocation d'éducation; h) l'article 8 de la loi du 12 février 1999 portant création d'un congé parental et d'un congé pour raisons familiales; i) l'article 3 de la loi du 28 juin 2002 portant création d'un forfait éducation; j) la loi du 21 décembre 2007 relative à la bonification d'impôts pour enfants (Déclaration de recevabilité) page 451

5788 - Projet de loi portant: 1. transposition de la directive 2002/14/CE du Parlement Européen et du Conseil établissant un cadre général relatif à l'information et la consultation des travailleurs dans la Communauté européenne; 2. modification du chapitre IV du titre premier du livre IV du Code du travail pages 451-452

5750 - Projet de loi portant introduction d'un statut unique pour les salariés du secteur privé et modifiant: 1. le Code du travail; 2. le Code des assurances sociales; 3. la loi modifiée du 8 juin 1999 relative aux régimes complémentaires de pension; 4. la loi modifiée du 4 avril 1924 portant création de chambres professionnelles à base élective; 5. le chapitre VI du Titre I de la loi modifiée du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire; 6. la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu; 7. la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État pages 452-468

5761 - Projet de loi portant création d'une École préscolaire et primaire de recherche fondée sur la pédagogie inclusive pages 469-475

5687 - Projet de loi portant

1. transposition de la directive 76/207/CEE du Conseil relative à la mise en œuvre du principe de l'égalité de traitement entre hommes et femmes en ce qui concerne l'accès à l'emploi, à la formation et à la promotion professionnelles, et les conditions de travail telle que modifiée par la directive 2002/73/CE du Parlement européen et du Conseil du 23 septembre 2002;

2. modification du Code du travail;

3. modification de l'alinéa 1 de l'article 2 de la loi du 14 mars 1988 relative au congé d'accueil;

4. modification de la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État;

5. modification de la loi modifiée du 24 décembre 1985 fixant le statut général des fonctionnaires communaux;

6. modification de la loi du 28 novembre 2006 portant 1. transposition de la directive 2000/43/CE du Conseil du 29 juin 2000 relative à la mise en œuvre du principe de l'égalité de traitement entre les personnes sans distinction de race ou d'origine ethnique; 2. transposition de la directive 2000/78/CE du Conseil du 27 novembre 2000 portant création d'un cadre général en faveur de l'égalité de traitement en matière d'emploi et de travail; 3. modification du Code du travail et portant introduction dans le Livre II d'un nouveau titre V relatif à l'égalité de traitement en matière d'emploi et de travail; 4. modification des articles 454 et 455 du Code pénal; 5. modification de la loi du 12 septembre 2003 relative aux personnes handicapées page 475
pages 477-480

5795 - Projet de loi modifiant

I) la loi modifiée du 27 janvier 1972 fixant le régime des employés de l'État;

II) la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État;

III) la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État;

IV) la loi du 9 décembre 2005 déterminant les conditions et modalités de nomination de certains fonctionnaires occupant des fonctions dirigeantes dans les administrations et services de l'État;

V) la loi modifiée du 19 mai 2003 modifiant 1) la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État; 2) la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État; 3) la loi modifiée du 28 mars 1986 portant harmonisation des conditions et modalités d'avancement dans les différentes carrières des administrations et services de l'État; 4) la loi modifiée du 26 mai 1954 réglant les pensions des fonctionnaires de l'État; 5) la loi modifiée du 3 août 1998 instituant des régimes de pension spéciaux pour les fonctionnaires de l'État et des communes ainsi que pour les agents de la Société nationale des Chemins de Fer luxembourgeois; 6) la loi modifiée du 27 mars 1986 fixant les conditions et les modalités selon lesquelles le fonctionnaire de l'État peut se faire changer d'administration; et portant création d'un commissariat du Gouvernement chargé de l'instruction disciplinaire;

VI) la loi modifiée du 24 décembre 1985 fixant le statut général des fonctionnaires communaux;

VII) la loi du 7 novembre 2007 modifiant a) la loi modifiée du 22 juin 1963 portant fixation de la valeur numérique des traitements des fonctionnaires de l'État ainsi que des modalités de mise en vigueur de la loi du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État; b) la loi du 22 décembre 2006 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2007 pages 476-477